# Rapport Referees' Commission - 03.03.2026

Present : Geib, Keiffer N., Kröpelin, Welter, Weinquin, Weinzierl

Entschëllegt : Courtois, Frieseisen, Keiffer F., Nesser, Volz

1) ***Adoptioun vum Rapport vum 27.01.2026***

2) ***Formation continue***
   - *Leider ass d'Formatioun vum 28. Februar aus organisatoresche Grënn ausgefall. Fir d'Arbitter op den FLH-Final4 virzebereeden, ass nach eng Formatioun de*

     ***Samschden 11. Abrëll 2026, 10h00–12h00***

     *an der Maison des Sports zu Stroossen (Sall 1). Thema: Verlängerung, 7Meter Schéissen, Video Replay a Strofen*
   - *Nom Final4 ass dann eng Videoanalys vun deene Matcher, an zwar de:*

     ***Mëttwoch 29. Abrëll 2026 um 19h00***

     *an der Maison des Sports zu Stroossen (Sall 1)*
   - *De Summerstage ass den* ***22. an 23. August 2026*** *a gëtt vum Denis Weinquin virbereet.*

3) ***Examen***
   *E puer Arbitter-Kandidate mussen hir praktesch Examen nach maachen. D'Besetzungs-kommissioun probéiert déi nach dës Saison ze programméieren*

4) ***Tester Saison 2026/2027***
   *Di nächst Laf-* ***(AXA-League Arbitter)*** *a Reegeltester* ***(fir all Arbitter)*** *si:*
   ***Samschdes 11. Juli 2026 vun 10 bis 12h***
   ***Freides 21. August 2026 vun 19 bis 21h***
   ***Samschdes 12. September 2026 vun 10 bis 12h***

5) ***Formation Cycle inférieur (C-Schäin)***
   *Eng Formatioun fir de Cycle inférieur ass fir Mee-Juni virgesinn*

6) ***Internationale Volet***
   - *Um Turnéier zu Prag wäerte 7 Arbitter/Delegué vum 2. bis 6. Abrëll 2026 deelhuelen. D'Noémie Keiffer assuréiert d'Organisatioun.*
   - *Austausch mat Éisträich: 2 éisträichesch Arbitter (aktuell am Young Referee Programm vun der EHF) kommen de WE vum 13. bis 16. Määrz 2026 op Lëtzebuerg. Ee Besuch an Éisträich vun enger Lëtzebuerger Arbitter-Koppel ass an der Maach.*
   - *Austausch mat Dänemark: 2 dänesch Arbitter ware vum 27. Februar bis den 1. Määrz zu Lëtzebuerg. Den Austausch ass allgemeng ganz positiv ukomm.*
   - *D'LASEL huet eis informéiert, dass fir d'ISF Championnat nach just 1 Arbitter gebraucht gëtt; i.e.: d'Fräie gi vun der LASEL just fir 1 Arbitter iwwerholl. Fir eiser YRP-Koppel awer ze erlaben zesumme wichteg Experienz ze maachen, iwwerhëlt d'FLH d'Fräie vum 2. Arbitter. D'RefCom seet dem CA Merci fir déi Ënnerstëtzung.*

7) ***Rollstullhandball***
   *D'Arbitter vun der FLH hunn an deem Beräich leider nach keng Formatioun. Dofir ass et der Refcom onméiglech Arbitter fir de Match vum 25. Abrëll 2026 an der Coque ze noméieren.*
   *D'Refcom waart hei op Informatioune fir eng Formatioun am Grand-Est, wou da Fräiwëlleger kéinten deelhuelen.*

8) ***Besetzungskommissioun***
   *D'Besetzungskommissioun informéiert datt d'Lag sech verschlëmmert a maachen hiert Bescht fir d'Matcher ze besëtzen. Si betounen awer, dass et weiderhin net ausgeschloss ass, dass verschidde Matcher net besat kënne ginn.*

9) ***Austausch mat anere Federatiounen***
   *D'Refcom huet een Austausch mat dem Basket an dem Fussball, fir verschidden Themaen ze beschwätzen an Initiativen zesummen unzegoen: Gewalt am Jugendberäich, Wichtegkeet vum Arbitrage, a.e.w.. Eng 2. Versammlung ass den 10. Määrz 2026*

10) ***Problematik Recrutement Arbitres / Jeune Arbitre / Tuteur***
   *D'Refcom schléit fir ee Groupe de travail mat Membere vun der Refcom a vum CA op d'Been ze sëtzen, fir dëst proaktiv a mat neien Iddien an Initiativen unzepaken.*

11) ***LASEL Turnéier***
   *D'FLH ass gefrot ginn, Arbitter fir de LASEL Championnat am Handball ze nominéieren. D'Noémie Keiffer iwwerhëlt hei d'Organisatioun.*

12) ***Beachhandball Championnat 27. Juni 2026***
*D'Refcom gëtt ze bedenken datt bis dato fir Beach Handball nach keng offiziell Formatioun stattfonnt huet. Wann et een offiziellt Championnat soll si, misst hei nach koordinéiert gi, fir eng gemeinsam Linn festzeleeën.*

***Nächst RefCom: Dënschden den 14. Abrëll 2026 um 18h30***
***zu Stroossen an der Maison des Sports (Sall 2)***